**Evangelium vum 24. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)**

**Mk 8,27-35**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

27 De Jesus ass mat senge Jünger
an d'Dierfer ëm Cäsarea Philippi gaang.
Ënnerwee huet hien d'Jünger gefrot:
"Fir wien halen d'Leit mech?"
28 Si soten zu him: "Déi eng halen dech fir de Johannes den Deefer,
anerer fir den Elias,
nees anerer fir soss ee vun de Prophéiten."

29 Dunn huet hien si gefrot: "An dir,
fir wien haalt dir mech?"
De Péitrus huet him geäntwert: "Du bass de Christus!"
30 Dueropshin huet de Jesus hinne gedreet an hinne verbueden,
mat iergendengem iwwer hien ze schwätzen.

31 An hien huet ugefaang, si doriwwer ze beléieren,
datt de Mënschejong villes erleide misst,
datt hie vun den Eelsten,
den Hohepriister an de Schrëftgeléierte
verstouss misst ginn,
datt hien doutgemaach misst ginn
an no dräi Deeg operstoe misst.
32 Dëst sot hien onverblimmt a riichteraus.

Dunn huet de Péitrus hien op d'Säit geholl
an huet ugefaang, him Virwërf ze maachen.
33 Iwwerdeems de Jesus sech ëmgedréit huet,
huet hien seng Jünger gekuckt
an huet sengersäits dem Péitrus de Virworf gemaach:
"Fort mat dir, Satan,
hanner mech!
Du hues net dat am Sënn, wat den Herrgott wëllt,

ma dat, wat d'Mënsche wëllen!"

34 Duerno huet de Jesus déi sëllege Leit bei sech geruff,
zesumme mat senge Jünger,
an hie sot zu hinnen:
"Wann ee mir nokomme wëllt,
da soll deen sech selwer verleegnen,
hie soll säi Kräiz op sech huelen
a mir nokommen!
35 Well deen, deen säi Liewe rette wëllt,
dee verléiert et;
wien awer wéinst menger a wéinst dem Evangelium säi Liewe verléiert,
dee rett et."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*